LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 2911 vum 22. September 2025 vun den honorabelen Deputéierte Simone BEISSEL an André BAULER.**

**1. Wéi vill Associatiounen hunn déi obligatoresch Statuten-Ännerunge bis elo ëmgesat?**

Laut den Zuelen, déi vum Luxembourg Business Registers ("LBR") geliwwert goufen, hunn 3388 Associatiounen ouni Gewënnzweck (ASBLen) vun am Ganzen 9287 Associatiounen uginn, datt si hir Statute wärend der Iwwergangsperiod aktualiséiert hunn. Dat entsprécht engem Taux vun 36,48 %.

Vun 192 Fondatiounen hunn der 81 hir Statuten ugepasst, wat 42,18 % entsprécht.

**2. Wéi vill Associatiounen a Fondatiounen hunn dës Ännerungen nach net ëmgesat?**

De Rescht vun den Associatiounen an de Fondatiounen hunn deemno hir Statuten net un déi nei Gesetzgebung ugepasst oder nach net deklaréiert, datt se dat gemaach hunn.

Et ass ze bemierken, datt och eng kleng Unzuel vun dësen Associatiounen a Fondatiounen nom 23. September 2023 gegrënnt goufen, an dofir hir Statuten direkt op Basis vum neie Gesetz ugeholl hunn.

Am Fall vun aneren Associatiounen a Fondatioune kann et och sinn, datt hir Statute scho konform zur Gesetzgebung vun 2023 waren, an datt eng Upassung dofir net néideg war.

**3. Wat fir Sanktiounen si virgesi fir déi Associatiounen a Fondatiounen, déi hir Statuten net fristgerecht ugepasst hunn?**

**D'Gesetz vum 7. August 2023 iwwer d'Associatiounen ouni Gewënnzweck an d'Fondatioune gesäit eng gesetzlech Flicht vir, d'Statute wärend der Iwwergangsperiod unzepassen, also bis den 23. September 2025 um Mëtternuecht. Ab dem 24. September 2025 ënnerleien all ASBLen a Fondatiounen automatesch dem neie Gesetz, och wann hir Statuten net ugepasst goufen. Statutär Bestëmmungen, déi dem neie Gesetz widderspriechen, gëllen dann einfach als net geschriwwen, wat jee nodeem zu juristeschen an organisatoreschen Onsécherheete féiere kann.**

**4. Wéi gëtt iwwerpréift ob d'Associatiounen an d'Fondatiounen hir Statute konform ugepasst hunn ? Bei wéi villen war dëst net de Fall?**

D'Grënnung vun enger ASBL ass net un eng administrativ Autorisatioun gebonnen. An dësem Kontext huet d'Gesetz vum 7. August 2023 näischt am Verglach zum Gesetz vum 21. Abrëll 1928 geännert.

Eng Ausnam sinn d'ASBLen, déi eng Unerkennung als ëffentlech nëtzlech Organisatioun ("association reconnue d'utilité publique") ufroen oder kritt hunn, an d'Fondatiounen: hei ginn d'Statuten an hir Ännerunge vum Justizministère iwwerpréift, fir ze kontrolléieren, ob se konform mam Gesetz sinn.

Allerdéngs ass ze bemierken, dass den LBR am allgemengen beim Depôt vun de geännerte Statuten duerch d'Associatiounen dann awer iwwerpréift, ob d'Elementer, déi am Gesetz vum 7. August 2023 virgesi sinn, an de Statuten enthale sinn. Den LBR kontrolléiert och, ob d'Donnéeën an den deposéierte Statute mat den Aschreiwungen am LBR kohärent sinn.

Et sief och nach eng Kéier dorobber higewisen, dass op der Internetsäit vum LBR Modeller vu Statuten fir d'Associatiounen ze fanne sinn, déi dem neie Gesetz entspriechen. Zousätzlech leeft aktuell eng Informatiounscampagne iwwer e digitale Flyer, deen och op der Internetsäit vum Justizministère an op www.myasbl.lu ze fannen ass.

Lëtzebuerg, den 22. Oktober 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue